N°473
Entrée le 14.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Ufank Mäerz gëtt den Här Gilles Roth um Radio 100,7 follgendermoossen zitéiert: „Mir kënnen net op Recetten aus dem Tubaksverkaf verzichten“. Dës Ausso ass kohärent mat dem presentéierte Budget an ënnert anerem der Ukënnegung, Accisen op neien Tubaksproduiten anzeféieren, wéi zum Beispill och sougenannte Vapes (jetabel elektronesch Zigaretten).

Kuerz drop annoncéiert d'Cargolux, mat de wichtegste Facilitateur vun Importatiounen zu Lëtzebuerg, dass sougenannte Vapes op alle Flich vun der Cargolux wäerte verbuede ginn, dëst aus Bedenke wat déi ëffentlech Gesondheet an d'Ëmwelt ugeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Finanzminister iwwert dës Decisioun am Viraus informéiert ginn? Wéi positionéiert sech de Finanzminister par rapport zu dëser Decisioun?

2. Wäert zu dësem Thema nach en Austausch mat der Cargolux stattfannen?

3. Wéi eng Auswierkung huet dës Decisioun vun der Cargolux op déi previsionnel Recettë vun dësem an den nächste Joren? Falls en Impakt virläit, wéi eng Upassunge mussen um Budget virgeholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten